N°2172
Entrée le 02.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Den Artikel 13 vum Gemengegesetz reegelt, dass de Gemengerot mindestens 5 Deeg virun enger Sitzung den Ordre du Jour mat de respektiven Dokumenter muss virgeluecht kréien.

De Passage ass nach ëmmer esou geschriwwen, dass et sech heibäi ëm d'Pabeierversioun handelt. Jee no Gemengerotsitzung mussen d'Conseilleren honnerte Säiten analyséieren.

Déi meescht Gemengen, wann net souguer alleguerten, schaffen hautzedaags digital, zum Beispill mam Sigidrive, wou d'Dokumenter alleguerten an digitaler Form ze fanne sinn. Hei ass et awer esou, dass den Delai vu 5 Deeg oft net agehale gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Zielt den Délai, wéi en aktuell am Artikel 13 virgesinn ass, fir déi digital Versioun vum Ordre du Jour an den Dokumenter?
   Falls nee, wäert de Minister dësen Délai fir béid Formen ugläichen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten